Art Challenge 3 „Ee Géigestand, vill Méiglechkeeten“

Bezuch op d’Aktualitéit:

Duerch d‘Coronakris si mir gezwongen eis ganz laang z‘isoléieren, fir datt de Virus sech esou man ewéi méiglech verbreede kann. Mir bleiwen also DOHEEM. Elo ass also déi perfekt Geleeënheet äert Doheem méi genau ënnert d’Lupp ze huelen. Kuckt ronderem iech a sicht virun allem no ganz gewéinleche Géigestänn, deenen dir am Alldag, virun der Corona-Zäit, keng Opmierksamkeet geschenkt hätt. Gidd hinnen en zweet Liewen, andeems dir si valoriséiert op är Manéier!

Dokumentatioun an Applikatiounen:

Dir kënnt iech fir dës Challenge um brittesche Kënschtler **Richard Wentworth** inspiréieren.

“Wentworth captures pictures of improvisation, where objects are removed of their original context, stripped of their ordinary function and yet often rendered functional in an altogether new and unexpected way. …”

Quell: http://www.gupmagazine.com/articles/making-do-and-getting-by
Applikatiounen: Camera, Snapseed, …

Froestellung:

Kuck dir dem Richard Wentworth seng Fotoen un a probéier Parallelen zu der aktueller Kris ze fannen. Wéi kanns du, elo wous du komplett ofgeschiermt bass, de Géigestänn bei där Doheem en zweet Liewe, eng zweet Funktioun ginn? Du kanns et op eng poetesch oder och humorvoll Aart a Weis maachen.

Aarbechtsoptrag:

- Benotz d’Fotografie a setz e Géigestand an ënnerschiddlech Situatiounen, änner dobäi Bléckwénkel, Beliichtung, Standpunkt, Plaz a Funktioun.
- Maach Fotoserie vu jeeweils 3 Fotoen
- Gëff denger Fotoserie en Titel (witzeg, ironesch, provokant)
- Fir datt deng Fotoen zu enger Serie ginn, muss du se openeen ofstëmmen:
  -Wéi bezeie si sech op eis aktuell Situatioun?
  -Wéi kanns du se matenee verbannen?
  -Besteet eng Verbindung bei den formalen Elementer (Form, Faarf, Layout) oder dem Inhalt?

-Besteet eng Verbindung mam Titel, deens du ausgewielt hues?

- Format: JPEG oder PNG

Benenn deng Fotoen: Däi Numm_Titel a schéck se bis den 11. Mee 2020 op eduart@men.lu.

Fotoen: Opgepasst!

- Pass op wéis du deng Foto kadréiers : den Opbau, deng Vue, dat ass wichteg fir de Message vun denger Foto.
- Denk bei der Faarfkombinatioun iwwer staark Kontraster oder Eenheetlechkeet no.
- Probéier eppes staarkes auszesoen iwwert d'Géigestänn, hir Plaz, hir Wichtegkeet an suguer indirekt iwwert d'Leit déi mat där zesumme wunnen.

Vill Spaas wënscht dir d'Konschtéquipe vum SCRIPT!